N°7845
Entrée le 30.03.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 30.03.2023

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. Mäerz 2023

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gläichstellungsminister weiderzeleeden.

Den 3. Juli 2018 huet d'Chamber d'Istanbul-Konventioun vum Europarot zur Preventioun a Bekämpfung vu Gewalt géint Fraen a géint haislech Gewalt ratifizéiert. Dës Konventioun verflicht d'Ënnerzeechnerstaaten dozou, Mossnamen ze ergräifen, déi d'Affer schützen, an déi presuméiert Täter ze sanktionéieren. Um Site vun violence.lu erkläert d'Regierung, wat se alles ënnerhëlt, fir d'Istanbul-Konventioun ëmzesetzen.

Wéi een awer an enger Pressematdeelung vun DAVIA (Domestic Abuse and Violence International Alliance), enger internationaler Organisatioun, déi sech derfir asetzt, datt ë.a. d'Istanbul-Konventioun am Sënn vun der Famill ëmgesat gëtt, noliese kann, komme just 3 % vun de Fongen, déi zur Ëmsetzung vun der Istanbul-Konventioun agesat ginn, och wierklech den Affer zou: *„Many billions of euros have been allocated to addressing the domestic violence issue over the past decade. For example, the European Union pledged 500 million euros in 2017, and France allocated an additional 360 million euros. But a recent report from Spain [https://gaceta.es/espana/la-abogada-yobana-carril-el-feminismo-es-hoy-un-gran-negocio-20230308-1658/] reveals that only 3% of these funds are going to help abused persons, while 97% ends up supporting the operational expenses of feminist organizations."*

(https://endtodv.org/pr/istanbul-convention-an-ineffective-and-expensive-exercise-in-blind-faith/)

An der selwechter Pressematdeelung schreift d'Organisatioun: *"Fortunately, high-quality research is being conducted across the continent. These studies show that men and women are equally likely to be perpetrators of domestic violence, and women are more likely to engage in making false allegations."*

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Minister:

1) Wéi vill Fongen huet Lëtzebuerg säit 2018 insgesamt am Hibléck op d'Ëmsetzung vun der Istanbul-Konventioun agesat? Wéi vill Prozent vun dëse Sue sinn direkt un d'Affer vun haislecher Gewalt gaangen?

2) Wéi steet d'Madamm Minister zur Ausso, datt Männer méi oft wéi Frae falsch beschëllegt ginn? Leien der Madamm Minister Statistike vir, déi dës Ausso confirméiere bzw. widderleeën?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten